PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 16/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Verdeedegung & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Den Zäitspuerkont (CET) ass geschaf ginn, fir souwuel de Betriber wéi och den Employéë méi Flexibilitéit unzebidden. Een Employé kann sech, op Demande, geleeschten Iwwerstonnen opschreiwe loossen, fir se duerno als Congésdeeg kënnen erëmzekréien. Dës Moossnam ass ee Mehrwäert fir d'Employéeë vun engem Betrib a steigert d'Attraktivitéit vum Patron.

Ugesiichts, dass d'Arméi an enker Konkurrenz mat anere Verwaltungen a Firme steet, fir Personal ze rekrutéieren, wier d'Implementéierung vum CET bei der Arméi eng Iddi fir d'Attraktivitéit vum Beruff z'erhéijen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi gëtt dem Zaldot seng Aarbechtszäit enregistréiert?
2. Ass dësen Enregistrement konform mat der EU-Direktive 2003/88 an dem Arrêt du 14 mai 2019 (C-55/18) vun der CJUE?
3. Firwat huet de fräiwëllegen Zaldot kee Recht ob den CET?
   Ass bei der Arméi geplangt, dorunner eppes z'änneren?
4. Sinn d'Zaldoten déi eenzeg Karriär beim Staat, déi keen CET hunn?
5. Gëtt et eng aner Form oder ee Relevé, iwwert déi den Zaldot seng geleeschten Iwwerstonnen opgeschriwwe kritt?
   - Falls jo, ënnert wéi enger Form a wat ass d'Begrënnung, dass dat esou gehandhaabt gëtt?
   - Falls ee Relevé existéiert, op wéi enger legaler Basis fousst dësen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten